Här President, ech wëll domat soen, datt mer all Viraussetzungen hu fir eng Médecine de qualité hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren. Ech mengen och, datt ënnert dem Strëch déi Medezin, déi dobaussen oder an de Spideeler geséchert gëtt, duerchaus de Verglach mam Ausland aushält. Datt mer awer besser do stinn, wa mer dat am Detail och kënnen dokumentéiere mat gemiessener Qualitéit, mat systemateschem Audit - ech wëll dat aféiere bei den nationale Servicer direkt an ech hoffen, datt dat da Schoul mécht.

Also, mir si gutt, mä et ass besser, wa mer et och beleeën a beweise kënnen.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Dat ass den Enjeu vun deem Ganzen.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass dee Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss.

Mir kommen dann zum nächste Punkt, dat ass de Projet de loi iwwert d'Statsbeamtegehälter. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: den Här Grethen, den Här Schreiner an den Här Adam. D'Wuert huet den honorabelen Här Gilles Roth, Rapporteur vun dësem Projet de loi.

Här Jaerling, Dir sidd nach net agedroen. Soll ech lech androen?

2. 5775 - Projet de loi modifiant

a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

b) la loi du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

M. Gilles Roth *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Schnelle Prämie", esou war virun engem knappe Mount een Artikel an enger Lëtzebuerger Wochenzäitschrëft iwwerschriwwen, dee sech mat dem legislative Werdegang vum Gesetzesprojet 5775 befaasst huet.

De Projet de loi, dee mir haut diskutéieren, soll déi eigentlech Lounbestëmmungsmoossname vum Gehälteraccord an der Fonction publique ëmsetzen, deen d'Regierung de 5. Juli dëst Joer mat der CGFP ofgeschloss huet.

Kuerz ass effektiv déi gesetzlech Ëmsetzung vun dësem Deel vum Accord salarial gewiescht, laang waren awer d'Verhandlungen, déi zum Accord gefouert hunn. Iwwer een halleft Joer huet et gedauert, tëschent Dezember 2006, wou d'Statsbeamtegewerkschaft hire Fuerderungskatalog presentéiert huet, bis Ufank Juli 2007 schliesslech eng Eenegung tëschent de Verhandlungspartner zustane komm ass.

Den Accord salarial vum 5. Juli 2007, dee réckwierkend op den 1. Januar vun dësem Joer a Kraaft trëtt, ass ofgeschloss fir eng Dauer vun dräi Joer. Déi Haaptpunkte vum Accord sinn, niewent enger Rei vu statutareschen a soziale Moossnamen am Interesse vun den eenzelne Beamten: d'Aféierung vun engem Congé individuel de formation am öffentlechen Déngscht; d'Ersetze vun dräi Feierdeeg, nämlech dem Fuesméindeg, dem Kiermesméindeg an dem Allerséilendag duerch dräi Congésdeeg; grad wéi een zousätzleche Congésdag ab dem 1. Januar 2009.

Den Accord salarial gesäit weider eng Machbarkeetsetüd iwwert d'Aféierung vun engem Zäitspuerkont an dem Secteur public vir, grad wéi eng Etüd iwwer e Regime fir eng Zousazpensioun op fräiwëlleger Basis fir déi Beamten, déi no 1998, also geméiss dem neie Pensiounsregime, an der Fonction publique agestallt goufen.

Schliesslech gesäit den Accord salarial um Plang vun der Lounentwécklung vir: d'Ausbezuelen an de Joren 2007 an 2008 vu jeeweils enger Prime unique vun 0,9% vun dem Joresgehalt an d'Erhéijung vun dem Punktwäert vun 1,5% ab dem 1. Januar 2009.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, deen haut zur Ofstëmmung virläit, setzt dës leschtgenannte Lounentwécklungsmoossname vun dem Gehälteraccord ëm. De Projet gouf de 14. September, also virun eppes méi wéi engem Mount, an der Chamber deponéiert. Den Text ass vun der Beruffskammer aviséiert ginn an déi huet och deem Text hiren Accord ginn. Dem Statsrot säin Avis datéiert vum 9. Oktober. Déi zoustänneg Chamberskommissioun huet de Projet an zwou Sitzungen analyséiert an hire Rapport de 16. Oktober eestëmmeg ugeholl.

D'Lounbestëmmungsmoossname vun dësem Accord salarial schreiwe sech an déi kontinuéierlech a moderat Gehälterpolitik an, esou wéi se an der Regierungserklärung vum 4. August 2004 festgehalen ass. De leschte Gehälteraccord vun 2005 hat eng linear Erhéijung vum Punktwäert virgesi vun 1% fir 2005, an 0,8% fir d'Joer 2006. Fir 2007 an 2008 gëtt elo mat dëser klassescher linearer Lounerhéijung gebrach. Et ass fir dës zwee Jore jeeweils eng Prime unique vun 0,9% vum Joresgehalt virgesinn, an 2009 soll dann erëm eng linear Erhéijung vum Punktwäert vun 1,5% kommen.

De Mechanismus vun der sougenannter Prime unique ass nei am öffentlechen Déngscht. Eng Prime unique ass, wéi d'Wuert et seet, eng eemoleg Prime a fënnt am Géigendeel zu enger Erhéijung vum Punktwäert deemno net hiren Néierschlag an der zukünfteger Gehaltsentwécklung vum eenzelne Beamten. An deem Sënn dréit den Accord salarial och de Konklusioune vun der Tripartite vum Abrëll 2006 Rechnung am öffentlechen Déngscht, fir 2007 an 2008 eng Paus an de Gehaltserhéijungen anzeleeën.

M. le Président.- Ech bieden ëm Opmierksamkeet fir dee wichtege Projet hei.

M. Gilles Roth *(CSV), rapporteur.*- Den Ausféierunge vum Minister an der zoustänneger Chamberskommissioun no, ass de Gehälteraccord am Sënn vun enger responsabeler Verhandlungsapproche mat géigesäitege Konzessioune vu béide Vertragspartner zustane komm.

Allgemeng brauch ee moderne Stat eng gutt an effikass Verwaltung mat motivéierten a gutt ausgebilte Beamten. Eng responsabel Lounpolitik am öffentlechen Déngscht, an domat besonnesch beim Stat, deem gréisste Patron am Land, verlaangt eng ugemoosse Gehaltsentwécklung, déi der wirtschaftlecher Lag vum Land an der finanzieller Situatioun vum Stat Rechnung dréit.

Den Exposé des motifs vun dësem Gesetzesprojet geet ausféierlech op déi Parameteren an, déi bei der Négociatioun vum Gehälteraccord zugronn louchen. Am Résumé sinn dat e Wirtschaftswuesstum vu 4,5% fir 2007, a geschate 5% fir 2008, e mëttleren Inflatiounstaux tëschent 2 an 2,5% fir d'Joren 2007 bis 2009, eng Steigerung vum Beschäftegungstaux vun 3,7% fir 2007, a schliesslech een Uwuesse vun den öffentlechen Einnahme vu 7% fir d'Joer 2006.

Dir Dammen an Dir Hären, dass dëse Projet relativ séier säi legislative Wee gemaach huet, ass ënner anerem doduerch bedéngt, dass d'Prime unique, déi fir d'Joer 2007 a fir d'Joer 2008 virgesinn ass, op Wonsch vun der Regierung aus techneschen a comptabilitéitsbedéngte Grënn soll net eréischt am Dezember, mä mat der Dezemberpai ausbezuelt ginn. A well am öffentlechen Déngscht d'Paie bekanntlech virbezuelt ginn, soll déi Prime ëm den 20. November zesumme mam Dezembergehalt an dem 13. Mount ausbezuelt ginn.

De Statsrot an d'Beruffskammer vum öffentlechen Déngscht weise mat Recht dorop hin, dass den Accord salarial eigentlech virgesäit, dass dës Prime am Dezember vum jeeweilege Joer sollt ausbezuelt ginn. D'Chamberskommissioun huet awer opgrond vun den Erklärunge vum Minister d'Propositioun vun der Regierung zréckbehalen, fir schonns am November auszebezuelen. Et ass dobäi drop higewise ginn, dass op der Gehaltsfiche separat d'Dezemberpai, den 13. Mount an d'Prime unique vun 0,9% opgefouert ginn.

Dës Prime unique gëtt berechent op 0,9% vum Gesamtjoresgehalt, an deemno och op den 13. Mount. De Berechnungsmodus vun der Prime unique fousst op deem vum 13. Mount. Déijéineg Beamten, déi nëmmen deelweis am Joer geschafft hunn, well se am Laf vum Joer agestallt goufen oder an d'Pensioun gaange sinn, kréien ee Prorata vun där Prime.

Et mussen och op der Prime unique Sozialbeiträg bezuelt ginn, wat mécht, dass dës Prime och hiren Néierschlag am Pensiounsajustement fënnt. Domat profitéieren dovunner och déi pensionéiert Beamten. Fir déi Beamten, déi nom 31. Dezember 1998, also nom neie Pensiounsregime agestallt goufen, gëtt d'Prime an de Berechnungsmodus vun der Pensioun derbäigezielt. Fir déi aner Beamte bleift et bei där sougenannter Berechnung op dem leschte Gehalt, gemäss dem 54er Pensiounsgesetz. D'Prime unique gëtt besteiert nom sougenannte Barème G fir d'Revenus non périodiques. Weiderhi gesäit de Gesetzesprojet fir 2009 dann eng klassesch linear Erhéijung vun 1,5% vum Punktwäert vir.

Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, dee mir haut diskutéieren, huet och budgetär Auswierkungen. Laut der Impaktfiche, déi jo eng integral Partie vum Gesetzesprojet ass, applizéiert dësen Accord salarial sech direkt op 22.000 Statsbeamten, Employéen an Aarbechter. Betraff dovunner sinn awer och déi Beschäftegt aus dem sougenannte conventionnéierte Secteur, gradewéi d'Personal vun der CFL a vun de Gemengen. Ech ginn dervun aus, dass d'Regierung herno Opschloss gëtt duerch wat fir eng legislativ Moossnamen dëse Gehälteraccord op d'Gemengepersonal ausgeweit gëtt.

Den Impakt vun dëse Gehaltsmesuren op de Statsbudget ass mat 17,3 Millioune fir den Exercice 2007, 18 Millioune fir 2008 an 32,2 Millioune fir 2009 veruschlot. Dat sinn zesumme fir déi dräi Joer 67,6 Milliounen Euro. Fir d'Joer 2007 gesäit de Gesetzesprojet dann och entspriechend Modifikatiounen op de jeeweilege Kreditter am Statsbudget vir.

Dës Chiffere begräifen net nëmmen den Impakt vun deene Leit, déi beim Stat beschäftegt sinn, mä och eng Bedeelegung vum Stat un den zousätzleche Personalkäschte bei de Gemengen, der CFL an deelweis am conventionnéierte Secteur. Natierlech sinn dëst déi Bruttoausgaben, well um Plang vun den Einnahmen en Deel iwwert d'Lounsteier an direkt oder indirekt iwwert d'TVA erëm däerft erakommen. Gradewéi bei fréiere Gehälteraccorden ass dësen ze erwaardenden Einnahmen um Niveau vun de Recetten am Statsbudget net Rechnung gedroe ginn. De Gesetzesprojet huet awer an deem Sënn och eng ganz Rei vun ekonomeschen Inzidenzen.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi ufanks gesot, setzt dëse Projet de loi en Deel vun den Ofmaachunge vum Gehälteraccord vum 5. Juli 2007 ëm. Wat déi aner Moossname betrëfft, esou wier et gutt wann den Här Minister herno géif Opschloss ginn, wéi d'Regierung beabsichtegt dës Mesuren ëmzesetzen an a wat fir engem Zäitraum dëst soll geschéien, well eng Rei vun deene Punkten och schonns a fréiere Gehälteraccordë stoungen. D'Kommissioun recommandéiert der Chamber dëse Projet ze stëmmen.

Ech ginn och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Roth. D'Wuert huet elo den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Henri Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, et ass schwéier wann ee mat esou vill Vorschusslorbeere beduecht gëtt, dann hei d'Wuert ze ergräifen.

(Hilarité)

Här President, fir d'éischt Merci un de Rapporteur, deen dëse Projet an all sengen Detailer presentéiert huet, an dee mech duerfir déchargéiert dat hei nach eng Kéier ze widderhuelen. Mä e puer Wuert zu dësem Gesetz an och zu deem Accord salarial, deen zwëscht der Regierung an der CGFP, als eenzeg representativer Gewerkschaft am Statsbeamtesecteur, négociéiert gouf.

Wéi déi Négociatiounen ugaangen hunn, Här President, däerf een drun erënneren, dass eigentlech d'Regierung vun enger Nullronn ausgaangen ass. A well mathematesch eent onendlech méi ass wéi null, kann een also soen, dass dat Resultat, wat erauskoum, onendlech besser ass wéi dat, wat d'Regierung eigentlech als Absicht hat. An duerfir ass d'Gewerkschaft och dozou ze félicitéieren, dass se et trotz der haarder Einstiegshaltung vun der Regierung fäerdeg bruecht huet, zu engem positiven Ofschloss fir d'Beamten an och déi Assimiléiert ze kommen.

Bleift awer, Här President, dass an dësem Text nëmmen e Brochdeel - e wichtege wuel, mä nëmmen en Deel - vum Accord ëmgesat gëtt, an dass aner Aspekter vun deem Accord nach drop waarde fir ëmgesat ze ginn. Duerfir, Här Minister, ass et vun eiser Fraktioun d'Opfuerderung och dann dat ze maachen an esou séier wéi méiglech zesumme mat der CGFP déi aner Punkte vum Accord ëmzesetzen.

An an deem Zesummenhang, Här President, wann een dëse Gehälteraccord kuckt an och sech ukuckt, wat dobäi finanziell fir deen Eenzelnen erauskënnt, da kritt d'Fuerderung vun der Demokratescher Partei no enger integraler Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun nach méi Bedeitung, well dat, wat hei erauskënnt, kéint nach wesentlech verbessert ginn, wann ee géif zu enger integraler Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun kommen. Wann een dat net mécht, da riskéiert een déi Leit hei am Land - net nëmmen d'Statsbeamten, mä d'Leit hei am Land - wierklech iwwer Gebühr ze schröpfen. An, Här President, dat ass jo eppes, wat jiddferengem hei um Häerz läit, net ze maachen.

Dat wat elo vun der Regierung am Budget presentéiert ginn ass a puncto Steierreform, gëtt jo vun Eenzelnen, déi sech mat der Steierthematik wéineg auserneesetzen, als eng Jorhonnertreform gefeiert. Ech hu souguer vun engem Gewerkschaftler, mengen ech, héieren, an 30 Joer Gewerkschaftsaarbecht hätt hien nach ni esou eppes Fundamentales materlieft.

Eng vun deene wéinege richtege Steierreformen, déi mer haten, dat war déi vun der viregter Regierung, mä dat, wat haut proposéiert gëtt, dat bleift wesentlech hannert deem zréck, wat de Bierger...

(Interruption)

...sech dobaussen erwaart, wat och d'Statsbeamte sech hätte kënnen erwaarden, wann dës Regierung de Courage gehat hätt, oder wa se net - neen, ech däerf elo dat net soen, dat wär e bëssen ze graff -, mä wa se net géif esou onverschimmt dem Bierger an d'Täsch gräifen, andeem se d'Steiertabell net upasst. Dat ass e Wermutstropfen bei dësem Accord, zu deem meng Fraktioun hir Zoustëmmung gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Schreiner.

M. Roland Schreiner *(LSAP).*- Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt emol och vu menger Säit aus en häerzleche Merci un den honorabele Gilles Roth, de Rapporteur, fir säin ausféierlechen, schréftlechen a mëndleche Rapport zu dësem Projet de loi, dee jo - et ass scho gesot - ganz kuerzfristeg huet missen erstallt a verfaasst ginn, fir datt mer dëse Projet de loi haut an domat och nach en temps utile kënnen evakuéieren.

Ech erënneren drun, an et ass jo gesot ginn, datt de Gehälteraccord jo eréischt de 5. Juli, also kuerz virun der Vakanz ënnerschriwwe ginn ass an datt déi ganz Prozedur -Statsrot, Avis vun der Chambre professionnelle - an der Zäit no der Vakanz bis elo huet misse gemaach ginn.

Wéi de Rapporteur och scho gesot huet, beschränkt sech dëse Projet jo just op déi Mesurë vum Accord salarial, déi mat de Gehälter ze dinn hunn, an op déi entspriechend Inzidenzen op de Budget vum Stat. Op aner Elementer, déi och Partie intégrante vum Accord sinn an déi nach an e Gesetz gekleet musse ginn, kréie mer jo dann d'Geleeënheet an enger zweeter Etapp zréckzekommen, och wann et ëmmer erëm wënschenswäert wär, och wéinst der Transparenz, wann een alles kéint an engem Package evakuéieren. Mer wëssen awer, dat ass jo dëst Joer net fir d'éischt, datt dat aus techneschen, organisatoreschen an administrativen Ursaachen och net ëmmer méiglech ass.

Här President, d'Gehälterverträg hunn an der Vergaangenheet des Öftere fir vill Diskussiounen an der Öffentlechkeet gesuergt, an et kann een u sech positiv bemierken, dass dat u sech dës Kéier méi roueg ofgelaf ass. Grondsätzlech, mengen ech, ass et logesch a richteg, datt d'Accord-salarialen an der Fonction publique musse gesi ginn

am Kontext vun der finanzieller Lag vum Stat, well et eben hien ass, deen d'Gehälter vu senge Beamte bezilt a se och muss finanzéiere kënnen, dass se awer och musse gesi ginn am Kontext vun der Kontinuitéit vun der Besoldung vun den öffentleche Bedéngschteten. D'Kontinuitéit ass wichteg, well wa mer e modernen an och en effiziente Stat wëllen, deen am Déngscht vum Bierger steet, da brauche mer och gutt forméiert a motivéiert Beamten.

Duerfir ass et wichteg, dass e gesond Vertrauensverhältnis besteet tëschent dem Patron a senge Leit, an dozou gehéiert och Vertrauen an eng gesond Gehälterpolitik. An duerfir ass et och gutt, datt et net zu där Lounpaus am öffentleche Secteur komm ass, déi ee Moment ugekënnegt gi war, och wann et elo fir d'Joren 2007 an 2008 net zu neie strukturellen Ausgabe fir de Stat wäert kommen.

Natierlech muss esou een Ofkommes och an de Kader vun der wirtschaftlecher Dynamik an eisem Land gestallt ginn. Wann et dem Stat gutt geet, wann en iwwer ausräichend finanziell Ressourcë verfügt, da kann e sech gewësse Generositéite géigeniwwer vu senge Beamte leeschten an erlaben. Wann dat net esou ass, da gesinn d'Gehälteraccorden och emol anescht aus. Dat hu mer jo och an der Vergaangenheet schonn emol erlieft.

Dat hu mer zum Beispill Mëtt den 80er Jore gesinn, wéi eng Period vu gréisser Zréckhalung opgrond vun enger wirtschaftlecher Flaut op en Enn gaangen ass an en Accord, dee 4% Augmentatioun iwwer zwee Joer virgesinn huet, konnt applizéiert ginn. Vun deem Moment un hu sech all nofolgend Accorden, wann et dann Accordë waren, op engem méi héijen Augmentatiounsniveau ugesiedelt, well dat gesamtwirtschaftlech gekuckt och da gerechtfertegt war.

D'Abettung vun de Gehälter am öffentleche Secteur an de Kontext vun der wirtschaftlecher Leeschtungsfäegkeet vum Land an domadder och der Leeschtungsfäegkeet vum Stat ass a bleift e wichtege Kritär. Et ass sécher richteg, datt mer de Moment net an därselwechter Boom-Logik dra sinn an eiser Ekonomie, wéi dat nach vläicht virun e puer Joer de Fall war, och wann eng gewësse Reprise, dat wësse mer alleguerten, net ze verkennen ass an och Deeler vun der Privatwirtschaft déck Gewënner de Moment nach ëmmer verzeechnen.

Mir leie fir d'lescht Joer bei engem wirtschaftleche Wuesstum vu 6,2%. Fir d'Joer 2007 gëtt deen op 4,5% geschat. Et muss een awer och wëssen, datt dat am Joer 2000 nach ronn 8,5% waren. Et muss een och wëssen, datt am Privatsecteur jo och de Moment ganz virsiichteg verhandelt gëtt, well d'Verhandlungskontexter vläicht och do net ëmmer déi gënschtegst an och oft ganz kriddelech sinn.

Wa mer emol d'Virgab vun der Regierungserklärung kucken, an dat ass och schonn hei gesot ginn, ech mengen, da kann ee roueg behaapten, datt den Accord de Statsfinanze souwéi de Prinzipien, déi fir dës Legislaturperiod a Saache Gehälterpolitik opgestallt goufen, Rechnung dréit: Kontinuitéit a Saache Besoldung vun den öffentleche Beamten, moderat Moossnamen, an awer och Respekt virun de budgetäre Contrainten, déi mer hunn.

Ech wëll elo hei net doriwwer spekuléieren, ob den Accord dann och deem méi zolitte sechsprozentege Wuesstum bis zum Schluss elo Rechnung dréit. Grondsätzlech, mengen ech, si mir awer och als LSAP der Meenung, an ech mengen, dat ënnerscheet eis och net vun deenen anere Parteien alleguerten, dass d'Fonctionnairen, d'Beamten, d'Aarbechter beim Stat, de Gemengen an och déi am assimiléierte Secteur e Recht hunn, un där allgemenger dach gudder wirtschaftlecher Lag während där Period, op déi sech den Accord hei berifft, ze partizipéieren.

Ech wëll och elo hei keng Stee maachen a soen, den Accord hätt quantitativ misse besser ausgesinn. Ech mengen, den Impakt op d'Statsfinanzen - déi Zuelen, déi mer jo och am Rapport konnten erausliesen, ënnermaueren dat - ass jo awer och substanziell, och wann ee muss wëssen, datt iwwert de Wee vun de Steiere jo een Deel erëm zréckfléisst, an de positiven ImpaKt op d'allgemeng Ekonomie jo och net ze ënnerschätzen ass.

Et kann een, mengen ech, global feststellen, datt dësen Accord eng gutt Mëschung duerstellt tëschent engersäits de finanzielle Capacitéite vum Stat an op där anerer Säit de legitimen Usprëch vum Personal.

Här President, grondsätzlech ass et jo och esou, datt déi staatlech Lounpolitik net fundamental anescht ka si wéi déi am Privatsecteur. An der Vergaangenheet war et des Öfteren esou, datt d'Regierung Verhandlunge mat der Statsbeamtegewerkschaft opgrond vun enger Étude comparative gemaach huet, enger Etude comparative iwwert d'Evolutioun vun dem Akommes am Privatsecteur an am öffentleche Secteur. Dës Kéier ass dës Etüd net gemaach ginn.

Ech mengen, an der Kommissioun hu mer eigentlech déi doten Elementer och net esou diskutéiert bis an den Detail, an och den Exposé des motifs, och wann e ganz vill Ziffere liwwert an och étoffëiert Informatiounen iwwer eis national, déi europäesch an och d'Weltwirtschaft gëtt, léisst eis awer dach e bësse méi am Onkloren iwwert déi eigentlech Parameteren, op déi d'Regierung sech bei de Verhandlunge beruff huet, niewent de Prémissë vun der Regierungserklärung.

Et wär duerfir vläicht flott oder gutt vum Minister doriwwer herno méi ze héieren, nach méi prezis Informatiounen ze kréien iwwert déi Parameteren, déi deene Verhandlungen zugronn louchen.

Ech hu gesot, den Accord entsprécht der Virgab vun der Regierungserklärung. Ech wëll mech och duerfir net ze vill inhaltlech domat auserneesetzen. E gouf jo och vun de Verhandlungspartner als en zefridde stellenden Accord beschriwwen, wat jo beleet, datt de Patron Stat mat de Vertrieder vu senge Beschäftegten eens ginn ass.

Et sief mer awer d'Feststellung erlaabt, datt mer et hei, wéi mer et eigentlech och aus der Vergaangenheet scho gewinnt sinn, éischter mat engem klasseschen deelweis linearen Accord ze dinn hunn, dee wuel quantitativ korrekt ass, awer qualitativ och anescht hätt kënnen agencéiert ginn, fir vläicht de Sensibilitéite vu verschiddene Kategorien, besonnesch méi an deenen ënneschte Beräicher, besser Rechnung ze droen.

D'Regierung sollt sech da vläicht iwwerleeën, bei zukënftege Verhandlungen op esou e Wee vläicht dach verstäerkt anzegoen. Esou hätt ee sech kënne virstellen, datt zum Beispill déi zweemoleg Prime vun 0,9% fir 2007 an 2008 och hätt kënnen eng eenheetlech Prime sinn, déi fir jiddfereen d'selwecht gewiescht wier. Dat wier sécher deene Leit aus deenen ënneschten Akommenskategorien éischter zegutt komm an hätt dozou bäigedroen, datt den Accord nach méi sozial ausgewoen hätt kënnen ausfalen.

Dann ass et och esou, datt dësen Accord salarial jo sech direkt applizéiert, et ass gesot ginn op ronn 22.000 Statsbeamten, Employéen an Aarbechter an doriwwer eraus zousätzlech och praktesch déiselwecht Zuel vu Leit aus deene sougenannten assimiléierte Secteuren. An d'Regierung verhandelt jo traditionell mat där bei wäitem stäerkster a representatiivster Gewerkschaft aus dem Secteur.

(Interruption)

Jo, representatiivst aus dem Secteur. Wat u sech e politesche Choix ass, deen an der Vergaangenheet déi jeeweileg Regierungen ëmmer erëm gemaach hunn.

Ech bleiwen der Meenung, datt dat och anescht kéint fonctionnéieren. Wichteg ass awer, an dat entsprécht mengen ech dem allgemengen demokratesche Versteesdemech, datt och déi aner Gewerkschaften am Secteur zumindest hir Meenung an d'Verhandlunge kënnen afléisse loossen an d'Sensibilitéite kënnen zur Sprooch brëngen. Wa se da schonn net un den eigentleche Verhandlunge kënnen deelhuelen, da solle se zumindest gehéiert, consultéiert an och informéiert ginn.

Ech muss soen, dat huet jo och dës Kéier besser geklappt, wéi dat scho mol an der Vergaangenheet de Fall war, wou och d'Gewerkschaften oder déi Vertrieder vun deene jeeweilege Kategorien d'Verhandlungsresultater aus der Press hu missen eraus liesen.

Ech wëll mech awer elo net zu deem Thema weider avancéieren. Ech wëll just ofschléissend soen, compte tenu vun all deem, wat scho virdru gesot ginn ass, a vun deem, wat ech och elo hei gesot hunn, a compte tenu och vun där grousser Eenegkeet déi besteet tëscht de Verhandlungspartner, datt d'Chamber sech och där allgemenger Eenegkeet soll uschléissen an dëse Projet guttheeschen.

Op alle Fall wäert meng Fraktioun dee Projet och esou stëmmen. An da wëll ech awer ganz zum Schluss dem Minister vläicht just nach eng Fro stellen, an zwar am leschten Accord salarial war jo festgehale ginn, datt déi aktuell Kantin vun de Statsbeamten, déi jo am ale Ste-Sophies-Gebai ënnerbruecht ass, soll entweder op eng aner Plaz aménagéiert ginn oder déi aktuell Raimlechkeete solle moderniséiert ginn. Ech wollt just d'Regierung da vläicht froe wéi d'Absiichten, respektiv d'Echéancen an där Fro sinn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Schreiner. Den honorabelen Här Adam huet fir déi Gréng elo d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert den Inhalt vum Projet de loi 5775 huet den honorabelen Här Gilles Roth praktesch alles gesot. Ech soen him Merci fir säi Rapport an ech erlabe mer just, e puer kuerz Remarquen dozou ze maachen.

An der Regierungserklärung vum 4. August 2004 verflicht sech d'Regierung fir eng kontinuéierlech a moderat Lounpolitik ze maachen, am Kontext vun der finanzieller Situatioun vum Stat a vun der ekonomescher Entwécklung vum Land. Esou ass dann och vu Regierungssäit laang vun enger Nullronn bei de Lounverhandlungen am öffentleche Secteur geschwat ginn.

Nun, wat mir haut stëmmen, eng Prime unique fir 2007, eng weider Prime unique fir 2008 an dann eng Augmentatioun vun de Gehälter vun 1,5% vum 1. Januar 2009 un. Dat gëtt an der Fiche financière mat ronn 68 Milliounen Euro chiffréiert. An dat ass jo awer net näischt, also kënne mer och net vun enger Nullronn schwätzen. Dës Net-Nullronn erkläert sech vläicht virun allem duerch den héije Wirtschaftswuesstum, dee mir hei zu Lëtzebuerg hunn an déi domat verbonne Finanzsituatioun vun eisem Stat, déi besser ass wéi erwaart.

Wann eise PIB 2006 ëm 6,2% gewuess ass, wann de Statec eis Croissance économique op 4,5%, respektiv op 5% fir d'Joren 2007 an 2008 schätzt, wann d'öffentlech Recettë fir 2006 ëm 7% an d'Luucht gaange sinn, hätten dann d'Lounverhandlunge mat dem öffentlechen Déngscht eventuell nach méi héich missen ausfalen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir mengen datt eng kontinuéierlech moderat Lounpolitik nach ëmmer zu Lëtzebuerg ubruecht ass. Eise wirtschaftleche Wuelstand ass esou enk un de Finanzsecteur gestréckt, datt mir musse vun der aktueller gudder Situatioun profitéieren, fir an d'Zukunft an an d'Diversifikatioun ze investéieren. Mir sinn der Meenung, datt mer vum aktuelle Geldsege vun eiser Finanzplaz profitéiere sollen, fir zum Beispill an d'Recherche, an d'erneierbar Energien, an d'Kommunikatiounstechnologien an esou weider ze investéieren.

Wann een den Accord salarial, dee mir haut virleien hunn, mat deem vergläicht vun 2005, da stellt een effektiv fest, datt dee vun haut e bësse méi modéréiert ass. 2005 sinn d'Gehälter beim Stat ëm 1% geklomm. 2006 nach eng Kéier ëm 0,8%.

Mat dësem Accord schafe mer an der Fonction publique ee Präzedenzfall. 2007 an 2008 gëtt et keng linear Erhéijung vum Punktwäert, mä mir bezuelen eng Prime unique vun 0,9% aus, déi net cumuléiert gëtt, a kréien eréischt eng Punktwäerterhéijung vun 1,5% fir d'Joer 2009.

Besonnesch positiv fanne mir och nach zum Beispill zwee weider Punkten aus dem Accord salarial mat der Fonction publique. D'Aféierung vun der Méiglechkeet, datt wann zwee Partner eng Deelzäitaarbecht beim Stat hunn, si allenzwee en Urecht hunn op d'Allocation de famille, selbstverständlech hirem Beschäftegungsgrad entspriechend. An den Echange vun dräi beim Stat übleche Feierdeeg, dem Fuesméindeg, dem Päischtméindeg an Allerséilen, duerch 3 Congésdeeg, an ab 2009 nach engem zousätzleche Congésdag derbäi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir fannen den Accord salarial mat der Fonction publique, vu datt eis ekonomesch Situatioun zwar gutt ass, awer net geséchert, moderat awer korrekt. Ech wëll och drop hiweisen, datt ee Wäert, deen eng Ustellung beim Stat mat sech brëngt, net ze chiffréieren ass an awer net soll vergiess ginn, an dat ass d'Sécherheet vun der Aarbechtsplaz.

Wéi mir mat dem Wuesstum vun eise Recetten an dem PIB ëmginn, wäerte mir dann an der Budgetsdebatt weider kënnen diskutéieren. Ech brëngen den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Den honorabelen Här Gast Gibéryen huet elo d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus e Wuert vu Merci un de Kolleeg Gilles Roth als Rapporteur vun dësem Projet, deen eis et einfach mécht, datt mer net méi brauchen op den Detail vum Projet anzegoen. Ech mengen en huet deen an alle Facetten hei erkläert.

Ech menge wa mer d'Resultat vun dësem Accord kucken, 0,9 an 0,9, zweemol eng Prime unique, an 1,5, da gesi mer datt am Fong no dräi Joer d'Gehälter beim Stat ëm 1,5% an d'Luucht gaange sinn. An et ass scho vu mengem Virriedner hei gesot ginn, dat ass effektiv eng moderat Augmentatioun am Vergläich mat deenen Accord-salarialen, déi mer virdrun ofgeschloss hunn. Et ass e bescheident Resultat; 1,5% Augmentatioun op dräi Joer.

No der Tripartite hu mer gesot kritt, et géif eng Nullronn ginn. Dat huet all Mënsch am Land zur Kenntnis geholl. Mir wëssen awer, datt d'Finanzsituatioun vum Stat sech am leschten, an dësem Joer wesentlech verbessert huet an datt duerfir eben och vun der Verbesserung elo d'Fonctionnairen oder d'Beamten an d'Aarbechter bei Stat a Gemengen an esou viru kënnen zu engem gewëssenen Deel profitéieren.

Wat d'Leit am Land net verstanen hunn a wat se och e bësse revoltéiert huet, dat ass am Fong, wéi deen Accord hei gemaach ginn ass, datt du keen anere wéi eise Statsminister am Fong virun der Press erkläert huet, et wier eng Nullronn. En huet gesot, dat owes um Pressebriefing nom Regierungsrot, deen Accord hei wier konform zur Tripartite, et wier eng Nullronn.

Ech mengen d'Leit am Land verdroen och d'Wourecht. An d'Leit am Land kënnen och rechnen. 0,9 plus 0,9 plus 1,5 am drëtte Joer, dat ass méi wéi null.

M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Esou rechnen ech awer net.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- An och de Käschtepunkt vu 67,6 Milliounen ass méi wéi null. Firwat net higoen an de Leit einfach d'Wourecht soen a soen, mir haten an der Tripartite wuel eng Nullronn gesot, mä opgrond vun der gudder finanzieller Entwécklung vum Stat si mer eben elo higaangen a mer hunn eise Beamten eppes zougestanen.

Dat hätt all Mënsch verstanen an Dir hätt d'Leit am Fong net am Land revoltéiert, déi sech am Fong virkomm sinn, ech wëll den Ausdrock elo net hei soen, mä d'Leit am Land hu sech fuerchtbar doriwwer opgereegt, datt se virgegraut kriten, et wier eng Nullronn.

Et ass keng Nullronn, mä et kann een de Leit och d'Wourecht soen. D'Leit verdroen och d'Wourecht a virun allem versti se och, an d'Leit kënne jo och rechnen, an duerfir kann een…

M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Et ass keng linear Augmentatioun fir 2007 an 2008.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- …dat net maachen.

Här President, ech ginn awer elo dovun aus, datt de Minister vun der Fonction publique net och nach wëllt eis usoen, 2007 an 2008 wier eng Nullronn.

M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Neen. Ech soen, datt Dir net kënnt einfach 0,9 an 0,9 an 1,5 zesumme rechnen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dann hunn ech net verstane wat de Kolleeg Rapporteur…

M. le Président.- Neen, Här Gibéryen. Erlaabt Der eng Zwëscheremarque vum Här Minister?

M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Ech wëll awer kloer soen, datt déi Rechnung wou Dir sot, 0,9 plus 0,9 plus 1,5 - esou gëtt d'Rechnung net gemaach. Dat hutt Dir virdrun esou an der Additioun dohinner gestallt an dat ass net richteg.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, ech weess net, ob den Här Minister... Wann ech soen 0,9 plus 0,9 plus 1,5 ass méi wéi null. Ech hu se net addéiert. Ech hu

kee Resultat gesot, wann Dir gutt opgepasst hätt.

(Hilarité)

Ech hu se net addéiert.

M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Mä dat ass d'Aart a Weis wéi Der effektiv schafft, dat do.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech hunn och gesot, no dräi Joer sinn d'Gehälter ëm 1,5% an d'Luucht gaangen. Dat hunn ech och gesot virdrun. Also, ech wousst scho wat ech do géif soen, Här Minister. Mä Dir musst mer nach erkläre wéi déi 0,9 glad näischt géife kaschte laut Ärer Argumentatioun.

Also, et ass keng Nullronn. Sot de Leit d'Wourecht! D'Leit am Land verstinn dat. An d'Leit am Land akzeptéieren dat och, wann Der sot: Et geet dem Stat besser, an duerfir maache mer als Stat och eppes fir eis Fonctionnairen, well déi och sollen ee Stéck dovunner kréien.

Mir hu jo och aner Moossnamen elo gemaach, déi mer virun engem Joer wahrscheinlech net décidéiert hätten. Eng Steierreform, ob se wäit genuch geet oder net wäit genuch, sief dohi gestallt; mä si ass gemaach. De Kannerbonus. D'Negativsteier - eng Fuerderung, déi d'ADR vun 2002 u schonn hei am Parlament periodesch erhieft - ass agefouert oder gëtt elo agefouert.

Dat heescht, et gëtt och nach aner Gruppe vu Leit, déi elo dovunner profitéieren. Mir sinn och der Meenung, datt nach Moossnamen, déi an der Tripartite décidéiert si ginn, elo opgrond vun där gudder finanzieller Situatioun, déi de Stat d'lescht Joer an dëst Joer begléckt huet, kënne réckgängeg gemaach ginn.

Ech denke virun allem drun: Firwat ass zum Beispill de Rentenajustement no hanne gesat ginn? Firwat ass deen zréckgesat ginn? Firwat ass deen, deen den 1. Januar 2007 geschélt ginn ass souwuel am private wéi am öffentleche Secteur, morceléiert ginn? Een Deel ass den 1. Juli 2007 ausbezuelt ginn an den zweeten Deel gëtt elo den 1. Juli 2008 ausbezuelt.

Mir hunn d'Resultater vun de Reservë vun de Pensiounskeesen am Privatsecteur; mat 7,2 Milliarde Reserven enorm héich. Iwwer 600 Millioune sinn d'lescht Joer d'Reserven ugewuess. Et ass iwwerhaapt keng Ursaach do gewiescht, fir de Pensiounen am Privatsecteur net den Ajustement ze ginn, well déi Reservë sinn do. Déi hunn de Stat jo näischt kascht. Déi gi jo vun de Pensiounskeesen aus dem Privatsecteur bezuelt.

Mä et ass eis gesot ginn, deen Ajustement wier net gemaach ginn, well de Stat gären op deene Gelder en Ajustement vu senge pensionéierte Fonctionnairë gespuert hätt. Also, wéinst de Fonctionnairen an der Fonction publique wier déi Décisioun geholl ginn.

Ma elo soen ech, virdrun ass hei gesot ginn d'Pensionnairë géifen och heivunner profitéieren. Dat ass net wouer. Si kréie wuel an zwee Joer den Ajustement, mä de leschten Ajustement, dee se den 1. Januar 2007 zegutt haten, dee kréien net nëmmen déi am Privatsecteur net, mä och déi am öffentleche Secteur kréien deen net. Et gëtt och keng Ursaach, fir deene Leit den Ajustement net ze ginn. Mir plädéieren och derfir, datt een den 1. Januar 2008 dat, wat fir den 1. Juli 2008 virgesinn ass, soll virzéien a souwuel am private wéi am öffentleche Secteur de Rentner hiren Ajustement zoukomme loossen.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Här Gibéryen, iwwerleet lech emol wéi héich d'Reservë wären am Privatsecteur, wa se intelligent investéiert wären.

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Do hutt Der Recht, Här Wagner.

(Interruption)

Et ass eis jo gëschter gesot ginn, momentan ass de Rendement 3%, a mir ginn herno vu 6% aus. A wann een dann och nach weess, Här Wagner - do muss ech dem Här Wagner Recht ginn -, datt net nëmme bis elo d'Gelder schlecht investéiert gi sinn, mä datt dës Regierung an och déi Regierung virdrun permanent an d'Pensiounskeese klaue gaangen ass: Wa mer dat Geld och nach hätten, da wieren d'Reserven nach e Stéck méi grouss.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Dat sot Dir.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Majo sécher. Dat ass och esou.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Neen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et muss een awer och kucken a Vergläicher maachen tëschent dem öffentlechen an dem Privatsecteur. Am Privatsecteur gëtt et sécherlech Secteuren, wou genausou vill verdéngt gëtt an och nach méi verdéngt gëtt wéi dat beim Stat de Fall ass.

Mä et gëtt awer och am Privatsecteur Mëttel- a Klengbetriber, wou manner verdéngt gëtt. An et gëtt sécherlech vill Leit do, déi Problemer hu mat deem Accord salarial, well déi Betriber haut scho keng Leit méi fannen, déi wëlle bei eis schaffe kommen a praktesch mussen op Frontalieren zréckgräifen, well keng Lëtzebuerger méi wëllen dohinner schaffe goen, oder se souguer keng Lëtzebuerger méi huelen, well wann déi dohinner ginn, dann ass dat just eng Salle d'attente bis se eng Plaz am Secteur public kréien. Duerfir muss een och de Suerge vun deene Leit aus dem Privatsecteur - aus deene Betriber - Rechnung droen, déi domat net esou an Aklang sti wéi munch aner Leit dat maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten als ADR dësem Accord salarial an eiser ganz grousser Majoritéit zoustëmmen, esou wéi mer dat och an der Vergaangenheet gemaach hunn.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Dann huet den honorabelen Här Jaerling d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Merci, Här President. Ech kann lech elo scho versécheren, dass ech dat Gesetz do och stëmmen, well ech wier jo awer schéi blöd wann ech esou eppes net géif stëmmen, wou ech selwer dervu profitéieren.

Här President, wat mech awer prinzipiell un deem Accord do stéiert, dat ass déi Geschicht mat der Prime unique. Dat hunn ech och schonn ëmmer am Privatsecteur gesot, wa bei Lounverhandlungen eng Prime unique erauskënnt, da ginn d'Leit méi aarm. Ech mengen, eng Lounpolitik, déi soll nohalteg sinn. A mat enger Prime unique ass se et net. Dat heescht, wa mer eng Prime unique ausbezuelen, da spillt dat wuel elo momentan och um Pensiounssystem an un de Krankekeesen, mä nohalteg gesi spillt et net drop, well et net an de Loun integréiert gëtt. Domadder ginn doduerch d'Leit méi aarm. Ob se an der Fonction publique sinn oder am Privatsecteur spillt keng Roll. Ech sinn einfach géint dee Prinzip vun deene Prime-uniquen, well dat einfach géint d'Interesse vun de Leit ass.

Wat elo gesot ginn ass: Et wär eng moderat Lounpolitik. Et kann een driwwer streide wat moderat ass, wann een d'Chiffere gesäit. Mä et ass awer op jidde Fall esou, dass sech elo baséiert gëtt op eng wirtschaftlech Entwécklung, déi anscheinend virdrun net bekannt war. Do erlaben ech mer awer meng Zweifel ervirzebréngen, well déi wirtschaftlech Entwécklung kënnt jo net vun haut op mar an d'Haus geflunn. Do hätt ee scho kënnen am Virfeld och an anere Beräicher - wéi den Här Gibéryen gesot huet - drun denken, fir dann och all déi aner Moossnamen, déi an der Tripartite am Fong esou negativ op d'Leit duergeschoss gi sinn, réckgängeg ze maachen.

Wa mer also elo an der wirtschaftlecher Situatioun esou sinn, dass mer kënnen an der Fonction publique eng Lounpolitik maachen, wou et awer progressiv virugeet, a wann déi wirtschaftlech Entwécklung, esou wéi se elo hei duergestallt ginn ass, och nach weider esou gutt bleift, da kann ech jo och nëmmen en Appel un d'Gewerkschafte vum Privatsecteur riichten, dass se dann awer och hir moderat Lounpolitik vis-à-vis vun de Leit aus de Betriber aus dem Privatsecteur sollen opginn, esou wéi se et versprach hunn an esou wéi se et ugekënnegt hunn. Ouni e waarmen Hierscht unzekënnegen, hu se dat jo ugekënnegt. Dat heescht also, de Ball läit elo bei hinnen.

Wat elo d'Diskussioun driwwer ugeet, wat am öffentleche Secteur déi Gewerkschafte vum Privatsecteur do solle matmaachen oder net, ob aner Gewerkschafte solle matmaachen, do soen ech: Et ginn der jo, déi hu fir eng Eenheetsgewerkschaft plädéiert, ma da loosse mer déi, do wou eng ass, och sinn a mer ginn déi net zersplitteren.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann huet d'Wuert d'Regierung, den zoustännege Minister vun der Fonction publique, den Här Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Merci, Här President. Ech soe fir d'éischt dem Rapporteur Merci, deen hei an engem ganz flotte Rapport ganz schnell geschafft huet an deen all déi Punkten, déi wichteg an dësem Gesetzesprojet sinn, esou ugeschwat huet an esou erkläert huet, dass ech net nach eng Kéier brauch zousätzlech dorobber anzegoen. Ech wëll just kuerz hei op déi Froen äntwerten, déi jo au fur et à mesure vun der Diskussioun hei gestallt gi sinn.

An déi éischt Fro, dat ass déi vun der Ëmsetzung vum Recht vum Accord salarial, vu datt dat hei nëmmen den éischten Deel ass. Et ass richteg, datt dat hei nëmmen den éischten Deel ass. An et ass och kloer, datt et nëmmen den éischten Deel ass, well mer wollten esou schnell wéi méiglech an esou sécher wéi méiglech deen Text hei an d'Realitéit ëmsetzen, well mer deen Text elo direkt brauchen, fir kënnen am November déi 0,9% auszebezuelen, esou wéi et am Accord salarial virgesi war, a well et dofir wichteg war e kuerzen Text, wou mer en duerch d'Institutiounen an duerch de legislative Wee och richteg géife kréien, op de Wee ze ginn.

Mir si selbstverständlech amgaang déi aner Etappen och ëmzesetzen. Eng éischt Etapp wäert doranner bestoen, datt fir déi Punkten, déi schonn eng Kéier am leschten Accord salarial als Étude de faisabilité - wann ech mech esou däerf ausdrécken - drastoungen, dat heescht d'Retroaktivitéit vun de Computatiounszäiten, dee Moment fir déi Leit, déi aus dem Statsdéngscht erausgetruede si respektiv e Congé sans traitement hate während zéng Joer respektiv e Mi-temps hate während 15 Joer virum Joer 2003, kënnen déi Zäite retroaktiv ugerechent kréien, nëmme wat d'Avancement-automatiquen ugeet.

Datselwecht gëllt fir déi Leit, déi de Statsdéngscht verlooss hunn, awer erëm eng Kéier an de Statsdéngscht zréckkommen, datt se kënnen iwwert den Traitement personnel an deem Gehalt erëm frësch ufänken, wou se ware wéi se e verlooss hunn. Datselwecht gëllt fir déi Moossnam, déi eis géif erlaben d'Allocation de famille hallef deenen ze ginn, déi zu zwee hallef am Statsdéngscht schaffen, wat haut net méiglech ass.

En Avant-projet ass do amgaang ausgeschafft ze ginn. Ech denken, datt mer deen am November an de Regierungsrot an duerno déposéiert kréien an der Chamber. Datselwecht gëllt fir dee Projet, wat de Congé individuel de formation ugeet. Deen hutt Der fir de Privatsecteur virun e puer Wochen hei gestëmmt, a mir sinn elo amgaangen ze kucken, eng Versioun, déi dann de Spezifissitéite vun der Fonction publique ugepasst ass, och auszeschaffen. Dee wäert och kuerzfristeg hei an der Chamber déposéiert gi mat deeneselwechte Prinzipien a Modalitéite wéi deen, deen Der virun e puer Wochen am Privatsecteur ëmgesat hutt.

Wat d'Lois-cadres vun den Établissements publics ugeet, do sinn och d'Aarbechten deelweis amgaang. Mir wäerten elo och kuerzfristeg eng éischt Réunioun mat der CGFP iwwert déi do Problematik hunn. Beim Télétravail, engem aneren Element vun dësem Accord salarial, ass et esou, datt déi éischt Expérience-piloten, esou wéi et hei virgesinn ass, den 1. November an duerno nach eng Rei anerer am Januar ufänken. De Service d'économie rurale, de Centre informatique de l'État, d'Bâtiments publics an d'Steierverwaltung maachen an enger éischter Etapp mat. Mir wäerten Enn 2008, esou wéi et dann och virgesinn ass, déi éischt Schlussfolgerung doraus zéien, fir dat Ganzt sous forme vu Reglement ëmzesetzen.

Wat d'Kantin ugeet - ech mengen, dat hat den Här Schreiner nach gefrot -, do ass et esou, datt elo schonn deen éischten Deel vun där Fuerderung realiséiert ass. Mir hunn eng ganz Rei Transformatioune gemaach an där aler Kantin an der Ste-Sophie. Mir hunn déi gemaach, well et eis einfach noutwendeg geschéngt huet, déi Joren, wou déi Kantin elo muss nach dobleiwen, well mer nach net genau wëssen, wou eng nei Kantin soll hikommen, datt mer déi iwwert déi Joren awer nach korrekt an ënner korrekte Sécherheetsbedéngungen eriwwerkréien. Gitt eng Kéier kucken, wann Der Zäit hutt; ech mengen, dat ass ganz flott ginn.

Dann ass et och kloer, datt, wéi den Här Roth gefrot huet, deen Accord och am Secteur communal muss ëmgesat ginn. Net méi spéit wéi d'lescht Woch hat den Innenminister e Règlement grand-ducal mat deem do Sujet am Regierungsrot. Ech denken, datt deen och elo wäert zäitgläich zu deem hei déi Prozeduren duerchlafen, fir dann hoffentlech zur selwechter Zäit kënne publizéiert ze ginn, sou datt mer dat och an de Grëff kréien.

Als Konklusioun wëll ech soen, datt deen Accord hei, wéi ech virdru scho gesot hunn, keng lineär Augmentatioun virgesäit, mä Primes uniques, wat a sech eng Neiegkeet ass. Dat kann ee gutt fannen, dat kann ee schlecht fannen. Dat ass awer, vu déi méi positiv Finanzlag, mä awer vu och déi méi grouss Geforepotenzialen, déi an eiser finanzieller an ekonomescher Situatioun hei zu Lëtzebuerg sinn, dat Mëttel, wat eis erlaabt där Situatioun Rechnung ze droen, andeem mer awer fir 2007 an 2008 keng strukturell Moossnam virgesinn, mä eng Moossnam, déi just eng Prime unique fir dat Joer ass, dat heescht fir déi Joren duerno net méi en compte geholl gëtt, also net déi Additioun ka gemaach ginn, iwwert déi mer virdrun eng Meenungsverschiddenheet hei haten.

Fir mech ass dat hei en équilibréierten Accord, e moderéierten Accord, op jidde Fall dee moderéiertsten, dee mer an deene leschte Jorzéngten hei haten. An ech mengen, et kann ee soen, en ass équilibréiert, well et war esou, nodeem datt mer déi éischt zwee Deeg, wéi e publizéiert ginn ass, Diskussiounen doriwwer haten, datt duerno déi Diskussioune sech ganz schnell geluecht hunn, an och op alle Säiten dat als eng korrekt, équilibréiert Saach unerkannt ginn ass.

Ech soen all deene Fraktiounen, déi deen Accord hei stëmmen - an dat si se jo alleguer -, villmools Merci fir déi Ënnerstëtzung.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi, deen am Document parlementaire 5775[3] steet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5775 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm an enger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Patrick Santer), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Clement), Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Marc Angel), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp;

M. Aly Jaerling.

S'est abstenu: M. Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir intercaléieren elo an eisen Ordre du jour, well den zoustännege Minister am Haus ass, d'Question urgente vum Här Gira a vun der Madame Loschetter iwwert de Lycée du Nord vu Wolz. Den Här Gira dréit vir an da kann den Här Minister äntwerten. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.